# D’Preparatiounsarbechten vum Conseil während der letzebuerger Présidence (2005)

**Source:** Émission hebdomadaire télévisée sur la Présidence luxembourgeoise du Conseil de l'Union européenne / MARTINE SCHOMMER, Maurice Molitor.- Bruxelles: Service information et presse [Prod.], 29.05.2005. Service information et presse, Luxembourg. - VIDEO (00:07:47, Couleur, Son original). Service information et presse du gouvernement luxembourgeois, 33, boulevard Roosevelt, L-2450 Luxembourg.

**Copyright:** Transcription CVCE.EU by UNI.LU
Tous droits de reproduction, de communication au public, d'adaptation, de distribution ou de rediffusion, via Internet, un réseau interne ou tout autre moyen, strictement réservés pour tous pays.
Consultez l'avertissement juridique et les conditions d'utilisation du site.

**URL:**
http://www.cvce.eu/obj/d_preparatiounsarbechten_vum_conseil_wahrend_der_letzebuerger_presidence_2005-lb-ec193b08-9f06-401e-a2e9-761c1bb2b214.html

**Date de dernière mise à jour:** 13/04/2017

## D’Preparatiounsaarbechte vum Conseil während der lëtzebuerger Présidence (2005)

[Maurice Molitor] Europa ee permanente Chantier, zënter 5 Méint ass, an nach een Mount bleift Lëtzebuerg de Chef vun dem Chantier, dat ass gewosst, an souguer wann een et net wéisst, et ass net ze iwwersinn. De Logo eu2005.lu ass omnipresent am Conseil zu Bréissel am Gebei vun där Institutioun un där hirer Spëtzt d’Lëtzebuerger am Moment stinn. Hei falen déi grouss Decisiounen an hei gi se och ier si geholl ginn, preparéiert, an och déi Virbereedungsreunioune stinn ënner Lëtzebuerger Virsëtz.

[Danièle Bisdorff] Während der Présidence wäerte mir 2200 Reuniounen hei zu Bréissel hunn, an dat sinn ongeféier 90 Réunioune pro Woch an di mussen och géréiert ginn, mam Secrétariat général vum Conseil a mat enger Persoun am Moment hei op der RP, dann natierlech och mat Lëtzebuerg an dat ass am Volume vun Telefonaten, Pabeieren, also eng grouss Charge fir dat ze koordonnéieren.

[Maurice Molitor] Esou opwänneg se och ass, déi Koordinatioun an Organisatioun, si ass awer nëmmen ee klengen Deel vun den Aarbechten, déi hei an der Maison du Luxembourg, keng 500 Meter Loftlinn vum Conseil ewech gemach ginn. Hei sin d’Bureauen vun der Représentation Permanente an hei gëtt virun allem inhaltlech op de verschiddenen Dossieren déi d’Présidence ze evakuéieren huet geschafft.

De Patrick Hemmer, vun der RP zum Beispill presidéiert am Moment den Aarbechtsgrupp Kooperatioun an Entwécklung, ee vun Dosene vun Aarbechtsgruppen an denen déi politesch Decisiounen um Niveau vu Fonktionnaire virbereed ginn. Vun him, gerad ewéi vu senge Kollegen op der RP, ass während dëse sechs Méint natierlech Verhandlungsgeschéck verlaangt.

[Patrick Hemmer] Do sinn déi 25 Etat-membere representéiert. D’Présidence, Lëtzebuerg natierlech, muss do d’Aarbechte vun dem Grupp weiderféieren. D’Commissioun huet een Droit d’Initiative wéi dat genannt gëtt. D’Commissioun proposéiert den Etat-membere verschidde Saachen, am Domaine Coopération et Développement war et zum Beispill eng Propositioun fir eng Augmentatioun vun der Aide Publique au Développement an der EU. D’Présidence, d’Roll ass au niveau vun dem Aarbechtsgrupp, déi Aarbecht weider ze féieren, dat heescht eng Negotiatioun ze maachen zwëschen de 25 Etat-memberen, fir eng politesch Decisioun ze preparéieren. Dat sinn dann Negociatiounen déi während Wochen, Méint gefouert ginn, wou mir op dem Text schaffe fir eng politesch Decisioun ze preparéieren, déi herno eise Ministere soumettéiert gëtt fir dass eng politesch Decisioun da geholl gëtt.

[Maurice Molitor] Wann d’Ministeren dann, wéi hei de leschten Dënschden bis op den Conseil op Bréissel kommen, da bleiwen am optimale Fall just nach zwou, dräi politesch Schlësselfroen ze klären, mee de Rescht vum Kompromëss dee steet da schonn.

An dësem Fall war d’Virbereedung offensichtlech ee Succès, soss hätt de Jean-Louis Schiltz net nom Ministerrot kënne matdeelen, dass d’Unioun sech op eng nei chiffréiert Ambitioun fir de finanzielle Volume vun hirer Entwécklungshëllef gëeenegt hätt.

[Jean-Louis Schiltz] *0,56 à l’horizon 2010, ce qui à partir de ce moment-là veut dire 20 milliards d’Euro d’aide publique au développement par an en plus à partir de cette date 2010.*

[Maurice Molitor] Tëscht dem Aarbechtsgrupp an dem Ministerrot gëtt et awer nach eng Zwëschenetapp, de COREPER 2, de Comité des Représentants Permanents. Eemol d’Woch, wann net esouguer zweemol begéine sech d’Ambassadeure vun deenen eenzele Memberslänner bei der EU, fir ee ganzen Dag vu moies bis owes all déi eenzel Punkten déi ustinn, an déi souwäit prett si fir an den Conseil, zesummen duerchzegoen. An och dee Comité gëtt am Moment vu Lëtzebuerg presidéiert, an der Persoun vun der

permanenter Vertriederin bei der EU, Martine Schommer.

[Maurice Molitor] Madame Schommer, och wann et Ambassadeure sinn, héich Fonctionnairen, mee Fonctionnairen, déi am COREPER 2 zesummesëtzen, dann ass dee Gremium jo awer e relatif politeschen, opmanst seng Aarbecht ass eng politesch Aarbecht, ne?

[Martine Schommer] Jo, mir sinn héich Fonctionnairen, mee mir sinn *en fait* de leschte Stadium ier Saachen bei d’Ministere ginn, dat heescht ier Projet de Direktiven oder Reglementer bei d’Ministeren ginn. Jo mir sinn esou op der Kipp teschent deem wat Fonctionnaire sinn a wat politesch Aarbecht ass.

[Maurice Molitor] Bon, déi lescht Decisioun läit ëmmer um Niveau vun de Ministeren, dat ass ganz kloer, mee bei manner kontroverse Sujete fällt, kann ee soen, d’Decisioun awer am Fong am COREPER 2 an bei deene méi kontroversen Sujéen do gëtt wichteg Viraarbecht geleescht.

[Martine Schommer] Jo dat ass och wat mir de Moie gemaach hunn, mir probéieren d'Dossieren ze botzen, esouwäit wéi méiglech Viraarbecht ze maachen, fir d'Dossieren de Ministere mat nëmmen méi deenen zentrale politesche Froen dohinner ze leeën. Wa mir déi selwer kënne léisen, tant mieux, da maache mir dat, mee da gëtt et formell ouni Diskussioun vun de Ministeren duerno adoptéiert.

[Maurice Molitor] Loosse mir d'Missioun, är Missioun als Presidentin vun dem Gremium villeicht emol illustréieren um Beispill elo vun de Finanzperspektiven, gitt dir do ähnlech fir wéi dat um politeschen Niveau geschitt, dass dir och sondéiert, dass dir a bilateralen Entrevueë probéiert, d’Standpunkt an Positiounen erauszefannen, ass et esou wi et fonktionnéiert oder leeft dat anescht?

[Martine Schommer] Nee, dat ass genau d’Aarbecht vun der Représentation Permanente an vu mir hei, dat ass fir ze kucken a bilaterale Kontakten ze verstoe, wou d’Limiten vun den Etat-memberen sinn a dann ze kucken di verschidde Limiten zesummenzebréngen an ee *Paquet* draus ze maachen, dee fir se all akzeptabel ass.

[Maurice Molitor] Dir sidd also ee wichtegen Informatiounsrelais tëscht engersäits der lëtzebuerger Regierung an hirer Administratioun an op der anerer Säit den europäischen Institutiounen an am Fong souguer de Regierungen aus all deenen anere Memberslänner?

[Martine Schommer] An de Represantanten vun den Regierungen aus denen aneren Etat-memberen déi hei hir Intéréen verteidegen, hei zu Bréissel.

[Maurice Molitor] COREPER 2 dat deit drop hin, dass et och ee COREPER 1 gëtt, an dee gëtt presidéiert vun ärem Adjoint, do geet et ëm déi méi technesch Froen.

[Martine Schommer] Jo, am COREPER 2 maache mir déi aussepolitesch Saachen, souwäit wei si fir d’Ausseministeren zum Schluss preparéiert ginn, mir maache Justizfroen, mir maachen Intérieur, mir maachen économesch Froen a Finanzfroen, a loosse mir soen, di Dossieren déi mat dem Marché intérieur, mam Fonctionnement vum Marché intérieur ze dinn hunn, mam Bannemaart, déi ginn am COREPER 1 traitéiert, vun den Adjointen.

[Maurice Molitor] Gut, mee net nëmmen dir, net nëmmen ären Adjoint, sidd natierlech impliżéiert, déi ganz Repésentation Permanente – wat ee relativ groussen Apparat ass – deen elo an enger Zäit vun enger Présidence souguer nach e bëssen opgestockt ginn ass.

[Martine Schommer] Jo, [mir sinn] d'Zuel vun de Leit ass doubléiert ginn, dat heescht mir sinn elo zu iwwer 100, 110 Leit, déi an der Représentation Permanente hei sinn, dat si Leit vum Aussenministère, mee och Leit vun all deenen anere Ministèren, Finanzministère, Agriculture, Educatioun, Transport, ech hunn der bestëmmt elo vergiess, dat heescht et sinn immens vill Leit vun den Ministèren direkt hei, well déi jo och d'Gruppe musse presidéieren.

[Maurice Molitor] Jo, et sinn enorm vill Réuniounen, ech mengen dat hu mir och elo just am Reportage gesinn, alleng de Panneau wou déi verschidde Reuniounen annoncéiert ginn, ass impressionant. Bon, nach ee Mount...

[Martine Schommer] Et sinn iwwer 2000, bal 2500 Reuniounen...

[Maurice Molitor] Alleng hei zu Bréissel?

[Martine Schommer] Jo.

[Maurice Molitor] An da kommen nach déi zu Lëtzebuerg dobäi. Bon, an engem Mount ass et gedoen. Dann wäert dir eng Kéier kräfteg durch- an dann opotmen?

[Martine Schommer] Jo.

[Maurice Molitor] Gutt.

[Martine Schommer] Mee ech hoffen, dass mir bis dohin och een Accord op de Perspectives financières hunn.

[Maurice Molitor] Jo mee ech mengen dat hoffe vill Leit zu Lëtzebuerg, vill Leit och an Europa. Merci villmols Madame Schommer fir déi Explicatiounen. Domat schléisse mir och dës Editioun vun eu2005.lu. Neie Rendez-vous haut an 8 Deeg.